ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Juli 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

En Artikel am *Luxemburger Wort* vum 13. Juli („Eine Bestandsaufnahme") huet rezent fir vill Opreegung gesuergt. Et geet dréms, datt et am Altersheem zu Nidderkuer 60 Zëmmer ginn, déi net iwwert eng eegen Toilette verfügen. Eeler Leit, dacks och mat ageschränkter Mobilitéit, sinn also gezwongen, op eng Gemeinschaftstoiletten ze goen, an dat och nuets.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Wéi vill Altersheemer gëtt et zu Lëtzebuerg, wou d'Bewunner net iwwert eng eegen Toilette verfügen – souwuel staatlech/kommunal Altersheemer, ewéi och privat gefouert Altersheemer?
2. Gëtt et eng Direktiv, respektiv, e Reglement, wat hygienesch Mindeststandarde fir Altersheemer virgesäit? Wa jo, wéi gesinn dës hygienesch Mindeststandarde konkret aus, och am Hibléck op den Zougank vun de Bewunner op d'Toiletten?
3. Ass séchergestallt, datt sech an alle Fäll och un déi Reegele gehale gëtt? Wéi gëtt dëst iwwerpréift?
4. Ass d'Regierung gewëllt, an der Altersheemer iwwerall do, wou d'Bewunner keng eegen Toilette hunn, op sanitärem Plang esou nozeräschten, datt all Bewunner Zougank op eng eegen Toilette huet, respektiv, d'Unzuel vun den Toilettë substantiell ze erhéijen, fir esou den eelere Leit, déi mat Dignitéit behandelt musse ginn, entgéintzekommen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten